pétange
MOTIVATION COMMUNE

Madamm COUTO Paula
Gemengeconseiller

15, rue Amalbergue

L-4806 RODANGE

Referenz : 2025.68137.SECR

Péiteng, den 22. September 2025

**Betreff: Är Froe vum 22. August 2025**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Jerry Schmit - Tel.: 50 12 51 - 2012)

Madamm Couto,

An Ärem Bréif vum 21. August 2025, deen der Gemengeverwaltung den 22. August 2025 per Email zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*Mat der Vergréisserung an der Moderniséierung vun de Garen hei am Land – an dësem Fall besonnesch der Gare zu Rodange, ouni dobäi d'Rollenger an d'Péitenger Gare auszeschléissen – ass eng kloer Verbesserung vum Service un de Bierger festzestellen.*

*Gläichzäiteg féiert dës Entwécklung awer och zu neie Problemer, déi net dierfen ignoréiert ginn. Wéi et schonn an aneren urbanen Zonen, z. B. ronderëm d'Staater Gare, festgestallt gouf, hëlt och zu Rodange d'Kriminalitéit, de Vagabondage an d'Hygièneproblemer zou.*

*Dëst féiert zu reegelméissege Reklamatioune vu Bierger, déi sech duerch déi aktuell Zoustänn onsécher a wéineg respektéiert fillen. Et ass dofir essentiel, d'Sécherheet an d'Liewensqualitéit an dëse sensibele Beräicher ze garantéieren – ouni dobäi d'sozial Realitéite vun de betraffene Persounen ze vergiessen.*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:*

*1. Wien ass zoustänneg fir d'Bekämpfung vun internationaler oder organiséierter Kriminalitéit am Gareberäich, besonnesch wann dësen op privatem Terrain läit?*

*2. Ass et virgesinn, datt d'Gemeng, de Staat oder d'CFL an dëser Problematik eng méi aktiv Roll iwwerhuelen?*

*3. Wéi schafft d'Gemeng Péiteng zesumme mat der CFL a mat der Police, fir d'Sécherheet an d'Hygiène an, a ronderëm d'Gare zu Rodange ze garantéieren?Ginn et reegelméisseg Koordinatiounsreunioune oder operativ Aktiounen tëschent de betraffene Servicer?*

*4. Sinn technesch Sécherheetsmoossname wéi Kameraen oder aner Systemer am, a ronderëm de Gareberäich geplangt?*

*5. Ass eng permanent Policepresenz (z. B. duerch e fixe Policebüro) an oder bei der Gare zu Rodange virgesinn? Rodange läit schliisslech an engem Grenzgebitt.*

*6. Ginn et reegelméisseg Policepatrullen op de Garen zu Rodange, Rolleng a Péiteng? Wann jo, wéi dacks? Wann net, firwat net?*

*7. Wéi ginn déi sozial Servicer an d'Streetwork agebonnen, fir Mënsche mat soziale respektiv psychesche Problemer (z. B. Vagabondage, Sucht) ze begleeden? Gëtt et eng strukturéiert Zesummenaarbecht mat de soziale Servicer? A wa jo, mat wéi engen Déngschter?*

*8. Wéi kënnen d'Bierger Problemer am Gareberäich mellen?*

*9. Ass e Zebrasträifen op Héicht vun de Busarrête bei der Gare zu Rodange a Rolléng virgesinn? Et ass bekannt, dass d'Usagers dacks op dëser Plaz iwwert d'Strooss ginn, och wann en Zebrasträifen net wäit ewech ass. Kann do net e Kompromiss tëschent der Gemeng a Ponts et Chaussés fonnt ginn?*

*Mat Respekt,*

*Paula Couto.*
*Gemengeconseiller*

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

1. D'Bekämpfung vun der internationaler an der organiséierter Kriminalitéit fält ausschliisslech an de Kompetenzberäich vun der Police Grand-Ducale. De Schäfferot weist sech allerdéngs iwwerrascht iwwer esou eng Fro, ëmsou méi well d'Gemengegesetz d'Missioune vun enger Gemeng kloer definéiert.

2. D'Gemeng kann nëmmen am Kader vun hire gesetzlech virgesinnene Kompetenzen handelen. Wéi ënnert der Fro n° 1 erwäänt, ass déi spezifesch Bekämpfung vun der internationaler an organiséierter Kriminalitéit keng kommunal Aufgab.

3. Éier mir op Är konkret Fro aginn, wëll de Schäfferot drop hiweisen, dass d'Gemengeverwaltung an de leschte Wochen a Méint bis ewell keng Reklamatiounen am Zesummenhang mat Hygiènesproblemer an oder an der direkter Ëmgéigend vun der Gare zu Rodange erhalen huet.

   De Gemengerot huet a senger Séance vum 20. Februar 2023 eng Konventioun mat der CFL validéiert, an där präzis festgehale gëtt, wéi eng Zonen an der Gare zu Rodange vun der Gemeng respektiv vun der CFL ënnerhale ginn. Eemol am Joer fënnt, am Kader vun dëser Konventioun, eng Entrevue tëschent Gemeng an CFL statt, wou een dat uschwätze kéint, wann et de Fall ass.

4. Aktuell si säitens der Gemeng an der direkter Ëmgéigend vun der Gare, keng Kameraen oder nach aner Mesure virgesinn. Wat de privaten Terrain vun de CFL ugeet, ka just d'CFL eng Äntwert dozou ginn.

5. E fixe Policebüro an oder bei der Gare zu Rodange ass net geplangt. Dëst fält och net an d'Kompetenz vun der Gemeng mee an déi vum Staat. Ervirzehiewen ass an deem Kontext dat dir als Member vum Gemengerot kloer informéiert sidd dat passend Infrastrukturen fir een neit grousst Polizeikommissariat op der Léngerstrooss geplangt sinn.

6. Nom Austausch mam zoustännege Kommissär kann de Schäfferot confirméieren, datt an den direkten Alentoure vun der Gare zu Rodange reegelméisseg Kontrollaktioune stattfannen. Zousätzlech ginn dës duerch punktuell Kontrollaktioune vun den Hondsmeeschteren, souwéi duerch grenziwwerschreidend Kooperatiounsaktioune mat der franséischer Police ergänzt.

7. De Moment ass dëst keng Aufgab vun der Gemengeverwaltung. Aus deem Grond ginn et zesumme mam Office social Iwwerleeunge fir e Streetworker iwwer dësen Etablissement public anzestellen.

8. Fir Sécherheetsproblemer ass d'Police Grand-Ducale zoustänneg. Fir technesch Problemer an der Gare ass d'CFL den Uspriechpartner, an am ëffentleche Raum d'Gemeng.

9. Aus Sécherheetsgrënn an dem Code de la Route no (Artikelen 164 an 166) ass et net erlaabt Zebrasträifen direkt virun oder hannert engem Busarrêt ze amenagéieren (mindestens 5m Distanz musse béidsäiteg agehale ginn).

   Op der Héicht vum Busarrêt bei der Gare zu Rodange géif dat bedeiten dat tëschent de besteeënden Zebrasträifen an eventuellen zousätzlechen Zebrasträifen eng relativ kuerz Distanz wär, an zu Rolleng géifen déi zousätzlech Zebrasträifen zu engem neie Geforepunkt féiere well se matten an der Kéier géife leien.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,